N°8198
Entrée le 31.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.08.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 31. Juli 2023**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister a Minister fir ëffentlech Baute weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no ginn et bei der Firma lux-Airport SA, Société de l'Aéroport de Luxembourg, am Kader vum Projet „Skypark Business Center“ um Findel Retarden, wat d'Bezuele vun de Rechnunge vun den engagéierten Entreprisen an de Fournisseuren ugeet. Och géif et an de Kontrakter eng Klausel ginn, déi beseet, dat lux-Airport bei Retarde vun de Rechnungen 10 Prozent Strofzënse bezuele muss. An dem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Transportminister a Minister fir ëffentlech Baute stellen:

- Kann den Här Minister confirméieren, datt et bei der Firma lux-Airport SA Retarde beim Bezuele vun de Rechnunge gëtt?
  - Wa jo, wat sinn d'Grënn fir dës Retarden?
  - Wa jo, wéi vill Rechnunge stinn nach op an ëm wat fir eng Zomm handelt et sech?
  - Wéini wäerten d'Rechnunge bezuelt ginn?

- Kann den Här Minister confirméieren, datt an de Kontrakter mat den engagéierten Entreprisen a Fournisseuren eng Klausel virgesinn ass, datt am Fall vu Retarden 10 Prozent Strofzënse fälleg sinn?

- Wéi vill wäert de Projet „Skypark Business Center“ um Findel insgesamt kaschten?
  - Gëtt den ursprénglech Budget agehalen?
  - Wann nee, wat sinn d'Ursaache fir den Depassement?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Laurent Mosar**

Deputéierten